N° 7634
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7634 vum honorabelen Deputéierten Mars Di Bartolomeo**

Ech erlabe mir, fir d'éischt op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4557 vun den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo a Francine Closener ze verweisen, an där och schonn eng Rei vun Informatiounen iwwer d'Evolutioun vun den Aschreiwungen an d'Erfollegsquoten an deene verschiddene Formatiounen am Gesondheetsberäich, wéi se vum Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) ugebuede ginn, zesummegedroe goufen.

**Ad 1)**

Den Tableau hei drënner gëtt en Iwwerbléck iwwer d'Unzuel u Schüler a Studenten, déi sech an de leschte fënnef Joer fir d'éischt an enger Formatioun am Beräich vun der Fleeg ageschriwwen hunn, sief et um Niveau vun der Formation professionnelle, um Niveau vum Enseignement secondaire général oder um Niveau vum BTS (brevet de technicien supérieur):

| | ***2018-19*** | ***2019-20*** | ***2020-21*** | ***2021-22*** | ***2022-23*** |
|---|---|---|---|---|---|
| DAP Aides soignants | 137 | 164 | 146 | 169 | 202 |
| DAP Aides soignants – en cours d'emploi | 25 | 18 | 15 | 22 | 12 |
| ESG Formation de l'infirmier | 166 | 172 | 163 | 188 | 150 |
| BTS Infirmier soins généraux | 99 | 109 | 88 | 67 | 78 |
| BTS Infirmier en anesthésie et réanimation | 12 | 12 | 17 | 17 | 19 |
| BTS ATM Chirurgie | 8 | 13 | 11 | 8 | 6 |
| BTS Infirmier en pédiatrie | 6 | 0 | 7 | 5 | 6 |
| BTS Infirmier psychiatrique | 1 | 13 | 8 | 7 | 14 |

Den Tableau hei drënner gëtt en Iwwerbléck iwwer d'Unzuel un Diplomer, déi an de leschte fënnef Joer an deene verschiddene Formatiounen ausgestallt goufen:

| | ***2017-18*** | ***2018-19*** | ***2019-20*** | ***2020-21*** | ***2021-22*** |
|---|---|---|---|---|---|
| DAP Aides soignants | 144 | 116 | 96 | 102 | 115 |
| DAP Aides soignants – en cours d'emploi | 37 | 20 | 12 | 11 | 12 |
| ESG Formation de l'infirmier | 130 | 131 | 107 | 94 | 102 |
| BTS Infirmier soins généraux | 59 | 84 | 72 | 76 | 68 |
| BTS Infirmier en anesthésie et réanimation | 13 | 14 | 12 | 9 | 12 |
| BTS ATM Chirurgie | 8 | 6 | 7 | 9 | 8 |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| BTS Infirmier en pédiatrie | 6 | 7 | 5 | / | 4 |
| BTS Infirmier psychiatrique | 7 | 6 | 2 | 7 | 6 |

**Ad 2) an 3)**

D'Formatioun vun den Aide-soignanten ass no engem moduläre System op Basis vu Kompetenzen organiséiert. Hei si keng Noexame virgesinn. Schüler musse 75 % vun den Modülle packen, fir ze avancéieren.

Och um Niveau vun de BTS-Formatiounen existéiert d'Notioun vum „Noexamen" net. Et handelt sech ëm Héichschoulformatiounen, déi ebenfalls nom moduläre System funktionéieren. Dat heescht konkret, datt wann e Student an engem Cours eng ongenügend final Nott kritt, déi innerhalb vum concernéierte Modüll net ka kompenséiert ginn, hie sech an den 18 Méint dono weiderhin kann den Epreuven an deem Cours stellen, fir esou seng Nott ze verbesseren. Um Enn vun deem Delai ass et déi lescht final Nott, déi de Student krut, déi definitiv zielt. Et sief nach bemierkt, datt nom Delai vun den 18 Méint d'Studente souguer eng Reinscriptioun an de Programm kënnen ufroen.

Wat dann d'Formatioun vum Infirmier am Enseignement secondaire général betrëfft, sou waren zum Schluss vum leschte Schouljoer nach 173 Schüler op der 2GSI ageschriwwen; 39 Schüler haten Noexamen, dovunner 3 Noexamen am Däitschen, 6 am Franséischen, 2 am Engleschen.

Am leschte Schouljoer waren 152 Kandidate fir de Premièresexamen ageschriwwen. Vun dëse Kandidaten hunn der 78 den Examen direkt gepackt, 45 haten en Noexamen; 24 hunn dëse gepackt. Insgesamt hunn also 50 Kandidaten den Examen net gepackt. An de Sprooche goufen et 12 Noexamen, 3 am Däitschen, 2 am Franséischen, woubäi 1 fakultativ war, a 7 am Engleschen, woubäi der 3 fakultativ waren.

**Ad 4)**

Allgemeng ginn d'Schüler direkt no de Conseils de classe Mëtt Juli per Courrier postal iwwert hir schoulesch Resultater informéiert. Op dësem Wee gi si dann och gewuer, ob si en Noexamen hunn. Op der 1re kréien d'Schüler hiert Resultat Enn Juni iwwert en elektronesche Moyen, de sougenannten *Eduboard*, matgedeelt. D'Noexame fannen ab dem 15. September statt, sou datt d'Schüler eppes méi wéi zwee Méint Zäit hunn, fir sech drop ze preparéieren.

Op de BTS-Klasse kréien d'Studente spéitstens zwee Deeg nom Jury des examens hir Resultater per Post matgedeelt.

**Ad 5)**

Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'Fro 3. An de BTS-Formatioune sti keng Sproochecoursen um Programm.

**Ad 6)**

Op der 2GSI louch den Taux d'échec bei 30,1 %, op der 1GSI bei 32,9 %.

Um Niveau vun de BTS-Formatioune kënnen opgrond vum uewe beschriwwene moduläre System, verbonne mat der Méiglechkeet vun enger Reinscriptioun vum Student, ouni deen néidege Recul keng wierklech probant Mësserfollegsquoten ermëttelt ginn.

**Ad 7)**

Schüler, déi aus dësen Ausbildungsweeër ausgescheet sinn, an dëst aus ville verschiddenen Ursaachen, déi net nëmme mat de Resultater zesummenhänken, gi vun de Membere vum SePAS vum

LTPS begleet, déi dem Schüler mat Berodung zur Säit stinn, fir seng weider schoulesch Carrière ze plangen.

Den LTPS bitt Passerellen un tëscht den Ausbildunge vum Infirmier an dem Aide soignant oder dem Assistant en pharmacie. Vun dëse Passerellen, déi iwweregens och an déi aner Richtung funktionéieren, profitéieren all Joer eng ganz Rei vu Schüler.

Ze bemierken ass och nach, datt d'Schüler sech heiansdo a schwierege perséinleche Situatiounen erëmfannen, an deenen den LTPS hinne proposéiert, ee Joer ze pausen, an duerno d'Ausbildung erëm unzefänken, sief et an der Formation initiale oder am Apprentissage adulte.

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH